

# Fënneft Etape

## Wien - Lëtzeburg - München

## 2.11.43 - 17.12.43



2.ten November

Endlech Urlaub.

Doheem ouni de grénggroën Paltong op de Schëlleren.

1.ten Dezember

Op München an d'Kasären wou méng Kompanie,déi a Russland an den Ämer goung,erëm nei opgestallt sollt gin.

# Sechst Etape

## München- Nussdorf-Lëtzeburg

## 17.12.43–11.1.44



Well "Së" gemengt hun ech wär e bëschen Rascht néi-
dech hun së mech vum 17 ten Dezember 43 bis den
3 ten Januar 44 op Nussdorf (tëschen Rosenheim a
Kufstein ) an en Erholungsheim gescheckt. Traureg
sin hei d'Kreschtdeeg an och Sylvester eriewergaan-
gen.

Den 3ten Januar sin ech zreck op München an d'Ka-
sären gefuer an dann vum 7.1.bis den 11.1.44 a
Kurzurlaub hëm.

# Siwent Etape

**Lëtzeburg - München - Nyborg**

**11.1.44 - 22.3.44**






Sonndes nom Iessen virun onsem Quartéier. Den Zweeten vu Lenks daat sin ech.

11 ten Januar 1944 :
Ech sin erëm an der Kasären zu München.
18 ten Januar :
Eng zweet Kéier geet d'Rees an Dänemark,op Nyborg op d'Insel Fünen.Hei sin ech eleng ennert elauter "Jéipen".
Ons Missioun: D'Fährschöffer bewaachen,déi vun Nyborg d'Navette op Korsör maachen.

# Aacht Etape

**Nyborg - München - Wildflecken - Lëtzeburg**

**22.3.44 - 7.7.44**



22 ten März 1944

Vun Nyborg zreck op München. Nei agekleed an den 29 ten erëm op d'Rees fir en Asatz an Ungarn. (Partisanen) Ënnerwee Konteruerder a vun Bad Reichenhall zreck op München. Hei hun ech mech du mat enger Wonn um Been am Revéier eremgedreckt bis den 25 ten Mee.

25 ten Mee 1944

Nees nei agekleed an den 26 ten Owes eneits per Véiwon op d'Rees.

28 ten Mee 1944

Um Truppenübungsplatz zu Wildflecken Ausbildung um Granatwerfer.

22 Juni 1944 : An Urlaub heem.

# Nëngt Etape

**Lëtzeburg - Wildflecken - München - Italien**

**7.7.44 - 30.8.44**

7 ten Juli 1944

---

Nom Urlaub hannescht op Wildflecken a schon den Dag drop



7 ten Juli 1944
---------------

Nom Urlaub hannescht op Wildflecken a schon den Dag drop weider iwer München Richtung Italien,op d'Sich no menger Kompanie. Trotz vill hin an hier Gerees hun ech se net ëremfond. Wéi dat "Sichen" eng gutt Weil gedauert hat hun se mech enger anerer "Einheit" zougedeelt.

# Zéngt Etape

Italien-Lëtzeburg

30.8.44 = 3.9.44



30 ten August 1944. Ech däärf an Urlaub heem.
Ennert villen Geforen(Partisanenbeschoss),an no villem Hin an Hier:(vu Verona op München op Camioen,vu München op Koblenz am Urlauberzuch,vu Koblenz op Tréier als blanne Passajhéier an engem "Schanzzuch,vun Tréier op Waasserbëlleg a Gréiwemacher zu Fouss,vu Gréiwemacher op Letzebuerg op enger Camionett zwéschen Gielemännercher) sin ech no ganz ville Chancen mat Sak a Pak(koplett Krigsausrüstung,Flënt a Stahlhelm) den 3 ten September Möttes zu Letzeburg ukomm.

No bal nenganzwanzeg Méint wor déi schwéierst Zeit aus mengem Liewen endlech iwwerstan.Ech konnt de preiseschen Kartoffelkrautsfrack ausdon a verbrennen.